N°2810
Entrée le 22.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko BACKES, op d'parlamentaresch Fro n°2810 vum 27. August 2025 vum Här Deputéierte Marc SPAUTZ.**

Den honorabelen Deputéierte renseignéiert sech iwwert d'Accidenter am Stroosseverkéier mat elektreschen Trottinetten an zu de präventive Moossname an dem gesetzleche Kader vun dësen Trottinetten.

1. Wéi vill Stroossenaccidenter mat Bedeelegung vun elektreschen Trottinette goufen zu Lëtzebuerg an deenen leschte 5 Joer enregistréiert?

Statistesch gëtt dës Kategorie vu Gefier eréischt säit 2021 eenzel erfaasst. Am follgenden dann d'Zuelen vum STATEC wat Accidenter mat klengen elektresche Gefierer ubelaangt ab 2021:

***Tableau 1. Accidenter mat MVE***

| | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Déidlech Accidenter | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Schwéier Accidenter | 4 | 6 | 4 | 14 |
| Liicht Accidenter | 7 | 21 | 15 | 28 |
| Total | 11 | 27 | 19 | 42 |

D'Kategorie MVE (Micro véhicule electrique) ëmfaasst net nëmmen elektresch Trottinetten, mee och aner kleng elektresch Gefierer wéi beispillsweis den Hoverboard oder de Segway. Reng zu den Trottinetten huet de STATEC keng Donnéeën.

2. Wéi steet d'Regierung zu weidere präventive Moossnamen (z. B. Sensibiliséierungscampagnen, Ausbildung, Helmflicht, Geschwindegkeetslimiten, etc) an gesäit d'Madamm Ministesch an deem Kader Besoin fir Upassunge vum Code de la Route?

Fir d'Äntwert op dës Fro verweisen ech op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2608 vum 15. Juli 2025.

Lëtzebuerg, den 22. September 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES